N°8316
Entrée le 12.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Sam TANSON, Justizministesch, op d'parlamentaresch Fro n°8316 vum 14 september 2023 vum honorabelen Deputéierten Fernand KARTHEISER**

Ad 1)

Gülteg Waffeschäiner ginn an der Regel nët zeréck behalen wann eng Demande fir eng Verlängerung virläit.

Déi Hypothes déi den honorabelen Deputéierten a senger Fro viséiert kënnt nëmme vir, , wann e Waffeschäin aus administrativen oder strofrechtlechen Grënn séchergestallt ginn. An esou Fäll muss eng Régularisatioun gemaach ginn vum Waffeschäin, iert dësen kann zeréck gi ginn.
D'Delaien, déi bei deene Prozeduren applikabel sinn, sinn déi, déi am Kader vum groussherzogleche Reglement vum 8. Juni 1979 iwwer déi net geriichtlech administrativ Prozedur ("règlement grand-ducal du 8 juin 1979 relatif à la procédure à suivre par les administrations relevant de l'Etat et des communes") gëllen.

Do dernieft huet natierlech all Bierger d'Recht, fir sech all Moment un de Waffe-Service z'adresséieren, per Telefon, Email, oder Bréif, wann e gären eng Informatioun zu senger lafender Demande huet.

Ad 2)

Aus dem Artikel 66, Paragraf (5), vum neie Waffegesetz vum 2. Februar 2022 ergi sech déi zousätzlech Aarbechten, déi aus der Iwwerpréiwung vun deene nei verbueden Waffen entstinn. Bei all Demande fir eng Verlängerung vun engem Waffeschäin, déi nom Akraafttriede vum neie Gesetz (1. Mee 2022) gemaach ginn ass a wäert gemaach ginn, muss de Waffe-Service kontrolléieren, ob sou eng Waff um Waffeschäin steet. Vu dass d'Lafdauer vun engem Waffeschäin fënnef Joer ass kann een dovun ausgoen, dass déi zousätzlech Iwwerpréiwunge bis de Mee 2027 undaueren. Et gëtt geschat, dass, bis dato, eng 40 bis 50 Leit an deem Fall waren, an dass et sech dobäi, pro Persoun, am Duerchschnëtt ëm zwou bis dräi Waffen handelt.

Ad 3)

Et gëtt aktuell keng Entschiedegungsprozedur fir déi genannte Fäll.

Ad 4)

De Stéchdatum vum 13. Juni 2017, deen am Artikel 66 vum neie Waffegesetz virgesinn ass, ergëtt sech direkt aus der Waffendirektiv n° 2021/555, Artikel 10, Paragraf 5. De nationale Législateur kann do also keen anere Stéchdatum festhalen.

Lëtzebuerg, den 12 Oktober 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson